

5. Projet de loi 4669 portant approbation de la Convention pour la protection du Rhin, de son Annexe et du Protocole de signature, signés à Berne, le 12 avril 1999

Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports

M. Gusty Graas (DP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, datt an Europa eng ganz Rei vu Gewässerleef leider net méi déi bescht Qualitéit opzeweisen hunn, dat wësse mer alleguer, wéinst deene bekannten Evenementer aus deene leschte Jorzéngten.

Duerch eng verstärkt Industrialiséierung, ganz vill ongekläert Ofwässer, déi an d'Gewässer komm sinn, awer och duerch d'Zerstéierung vum Milieu aquatique hu leider ganz vill Flëss an deene leschte Jorzéngten u Valeur écologique verluer. Ee Beispill ass virun allem de Rhäin, e Floss, deen an de leschte Jore sech zwar erëm lues a lues erkritt huet, mä awer duerch eng ganz Rei vu Pollutiounen vill gelidden huet.

(Interruption)

M. Jos Scheuer (LSAP).- D'Kormorane maachen alles futti, Här Huss.

M. Gusty Graas (DP), rapporteur.- Dat sinn och keng fein.

E gudde Bioindikator vum engem Gewässerlaf ass jo ouni Zweifel de Fëschbestand. Besonnesch am Rhäin konnt ee feststellen, datt, bedéngt duerch d'Pollutioun, hei d'Aartenzesummesetzung an deene leschte Joren immens ofgeholl hat. Nëmmen zur Erënerung: 1935 ass am Rhäin dee leschte Saumon gefaange ginn. Déi Situatioun huet derzou bäigedroen, datt 1948 op d'Bedreiwe vun der Schwäiz eng extra Konferenz aberuff ginn ass, déi als Konsequenz hat, datt den 11. Juni 1950 déi international Kommissioun zum Schutz vum Rhäin gegrënnt ginn ass. Där hunn, nieft der Schwäiz, och nach Däitschland, Frankräich, Holland a Lëtzebuerg ugehéiert.

Den 29. Abrëll 1963 ass awer dunn den Accord vu Bern ënnerschriwwen ginn, an deen hat als Haaptmissioun, fir där Kommissioun eng juristesche Basis ze ginn. Leider huet och dëst Instrument net derzou bäigedroen, datt d'Qualitéit vum Rhäin besser ginn ass. Et sinn eng Rei aner Konventiounen am Laf vun de Joren derbäi komm. Ech wëll déi kuerz nach eng Kéier ernimmen: 1976 koum eng iwwert d'Verschmutzung duerch d'Salzer; den 3. Dezember 1976 ass en zousätzlechen Accord ënnerschriwwen ginn, op Basis vun deem d'Europäesch Unioun Member vum Berner Accord ginn ass; schlussendlech ass de 25. September 1991 zu Bréissel den zousätzleche Protokoll zur Konventioun vun 1976 iwwert de Schutz vum Rhäin géint d'Chluren ënnerschriwwen ginn.

Elo ass allerdéngs d'lescht Joer, den 12. Abrëll 1999, zu Bern eng nei Konventioun ënnerschriwwen ginn. Allerdéngs huet déi als Haaptmissioun, fir all déi aner Accoren, Konventiounen, déi virun ënnerschriwwen gi sinn, ze suppriméieren, mat Ausnahm vum enger, déi iwwert d'Salzer, déi nach ëmmer a Kraaft ass. Déi Berner Konventioun, déi nei vum 12. Abrëll 1999, ass op der 12. Ministerkonferenz zu Rotterdam den 22. Januar 1998 ugeholl ginn.

Wat sinn elo déi Haaptobjektiver vun där Konventioun? Déi kann een a sech op sechs Punkte resuméieren. An éischter Linn huet se als Missioun, fir eng Verbesserung vun der Waasserqualitéit ze erreechen. Dat zweet ass, eng nohalteg Entwécklung vum Ökosystem Rhäin an d'Weeër ze leeden. Dat drëtt ass, d'Produktioun vun Drénkwaasser aus dem Rhäin an Zukunft ze garantéieren, dann d'Héichwaassergeföhr anzeschränken, d'Qualitéit vun de Sedimenter ze verbessern, an dann, als leschten Haaptpunkt, soll och duerch dës Mesuren am Verbond mat aneren Instrumenter derfir gesuergt ginn, datt d'Qualitéit vun der Nordséi sech soll verbessern.

Duerch den Artikel 4 vun dëser Konventioun verpflichten d'Parteie sech ënner anerem och, op hirem Territoire all gesetzlech Moossnamen ze ergreifen, fir och déi eenzel Pollutiounen ze détectéieren. An den Artikelen 6 bis 15 geet da Rieds vun der Kommissioun, déi, wéi gesot, 1950 geschaf ginn ass. Si huet als Missioun, Etüden ze maachen iwwert den Ökosystem vum Rhäin an och déi eenzel Plans d'avertissement a Plans d'alerte vun deenen eenzelne Memberstaten ze koordinéieren.

An dëser Kommissioun, déi iwwerengs elo eng Personnalité juridique kritt, kënnen awer och aner Staten, respektiv ONGen Observateuren delegéieren. D'Konventioun trëtt den éischten Dag nom zweete Mount a Kraaft, nodeem déi lescht Notificatioun bei der Regierung an der Schwäiz erakomm ass. Si kann no engem Délai, no 3 Joer, nodeem se a Kraaft ass, och gekënnegt ginn. Differenzen, déi mol kënnen Entstoen, ginn duerch den Artikel 16 geregelt. Falls do keng Eenegung ka fonnt ginn, gëtt en Arbitrage zu Rot gezunn, an deen ass an enger Annexe un déi Konventioun hei ugegliddert.

Ech wëll hei ënnersträichen, datt déi Konventioun sech och nach referéiert op aner legal Instrumenter, ënner anerem d'OSPAR-Konventioun, iwwert déi mer jo hei och schonn diskutéiert hunn. Gemäss dëser Konventioun bleiwen all festgehalen Wäerter, Décisiounen, Recommandatiounen an Arrangementen, déi op Basis vu fréieren Accoren geholl gi sinn, weiderhin a Kraaft, et sief, si gëfen duerch déi Kommissioun ofgeschafft ginn.

Den 11. Januar 2001 soll dann en neie Programm iwwert déi nohalteg Entwécklung vum Rhäin duerch d'Ministerkonferenz ugeholl ginn. Deen huet eng Durée vun 20 Joer. Elo kann ee sech natierlech an

deem ganze Kontext hei d'Fro stellen: Wat huet Lëtzebuerg mat där ganzer Konventioun ze dinn? Ech géif soe relativ vill, well et däréif een net vergiessen, datt 97 bis 98% vun eisem Territoire am Anzugsgebitt vum Rhäin ebe leien, well iwwert d'Musel vill Ofwässer an de Rhäin gelaangen. Ech mengen, datt et wichteg ass, datt mir als Lëtzebuerg eis Responsabilitéit do mat iwwerhuelen.

Lëtzebuerg muss sech a sech op zwee Niveauen engagéieren. Dat éischt ass um Niveau vum Gewässer-schutz direkt. Hei muss ech ënnersträichen, datt d'Ëmweltkommissioun festgestallt huet, datt et op deem Niveau hei zu Lëtzebuerg nach eng Rei Defiziter gëtt. Op d'Gefor hin, elo vum Här Strotz herno net grad fei behandelt ze ginn, mä leider mécht d'Musel do net onbedéngt eng gutt Figur.

M. Nicolas Strotz (CSV).- Net nëmmen d'Musel!

M. Gusty Graas (DP), rapporteur.- Ech wollt dat nach hannendru soen, Här Strotz,...

(Interruption)

...well tëschent Schengen a Gréiwemaacher respektiv Waasserbëlleg funktionéiert leider nach ëmmer net eng eenzeg Kläranlag.

(Interruptions)

Mä den Här Strotz huet Recht, et gëtt och nach eng Rei vun anere Regiounen hei am Land, wou d'Situatioun net besser ass.

M. Nicolas Strotz (CSV).- D'Musel ass nach ëmmer besser wéi d'Uelzecht zu Betebuerg!

M. Gusty Graas (DP), rapporteur.- Nach, jo! Woubäi ech awer muss zur Entschëllegung vum Süde soen, dass zumindest dee leschte Projet, dee mer hei an der Chamber gestëmmt hunn - dat war elo viru knapp engem Joer -, iwwert d'Moderniséierung vun der Kläranlag zu Schëffleng wäert hëllefen, fir datt dann och d'Uelzecht zu Betebuerg hoffentlech an deenen...

(Interruptions)

...nächste Méint besser gëtt.

(Interruptions diverses)

Do hutt Der scho Recht, mä déi funktionéiert awer och schonn zum Deel. Et ass richtig; dat ass och e wichtegt Element, dat een net däréif vergiessen, mä den Här Strotz huet scho Recht, et ass net nëmmen d'Musel.

Et gëtt awer ee Beispill, Här Strotz, wou ech elo net derlaanscht kommen, nach eng Kéier drop hinze-weisen: Dat ass deen Hickhack ëm d'Kläranlag zu Gréiwemaacher. Schon 1991 - ech mengen, den Här Bodry weess dat besser wéi ech - ass de Site arrêtiert ginn...

M. Alex Bodry (LSAP).- Dat war net einfach!

M. Gusty Graas (DP), rapporteur.- ...fir de Bau vun enger Kläranlag zu Gréiwemaacher. Mir schreiwen elo d'Enn vum Joer 2000 a musse feststellen, dass sech an deem Dossier do nach ëmmer näischt gedoen huet!

Wéi gesot, d'Kommissioun wär frou, wann d'Regierung awer op deem Niveau géif hir Gewässer-schutzpolitik intensivéieren. Et geet natierlech net duer, fir nei Kläranlagen ze bauen,...

(Interruption)

...et muss een och kucken, datt déi bestoend Anlagen effikass funktionéieren. Och do gëtt et eng Rei vu Problemer. Mir hunn zwar numeresch genuch Kläranlagen am Land, mä de Gros dovunner ass nach ëmmer nëmme mechanescher Natur, an dat ass haut leider net méi effizient genuch. Mir müssen also kucken, datt virun allem déi grouss Anlage mat enger drëtter Stuf équipéiert ginn, fir eng Déphosphatatioun an eng Dénitratatioun ze errechen. Ech wëll awer hei ënnersträichen, datt an deene leschte Jorzénge trotzdem eng Rei Effort gemaach goufen, mä et steet nach munches um Plang.

Da muss een och hei ënnersträichen, datt eist Land u sech de ganzen Territoire als eng Zone ausgewisen huet, déi ënnert d'Applicatioun vun de communautairé Regele fällt, wat d'Behandlung vun den Ofwässer ubelaangt an de Schutz vun eise Gewässer virun den Nitrater.

Dann ass en zweete Punkt, wou mer gewësse Verpflichtungen agaange sinn, an dat ass am Kader vum Projet Saumon 2000. 1986 war jo déi grouss Katastroph bei Basel, duerch d'Firma Sandoz, mat all deenen negative Konsequenzen, déi mer kennen. Deemools ass den Ökosystem vum Rhäin quasi komplett zerstéiert ginn. 1988 ass dunn de Projet Saumon 2000 initiéiert ginn, a Lëtzebuerg huet sech deemools och verpflichtet, säi Bäitrag ze leeschten, an deen huet virun allem doranner bestanen, d'Ralinger Schleef, dat heescht d'Grenzsauer bei Rouspert ze renaturéieren. Do sollten da véier Wieren ofgedroe ginn, respektiv e fënneft sollt aménagéiert ginn als Passe-à-poissons. 1993 gouf dee Projet presentéiert. Dee war ausgeschafft gi vum Bureau d'études Gebler, deen deemools en éischten Devis vu 40 Milliounen zréckbehalen huet.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Och do musse mer leider feststellen, datt Lëtzebuerg seng Aufgab bis haut nach net gemaach huet. Mir wiere frou, als Kommissioun, wann och dee Projet géif op de Métier geholl ginn, wat jo awer e wichtege Projet ass am gesamte Migratiounsweg vum de Saumon. Niewebäi bemierkt ass 1955 dee leschte Saumon hei zu Lëtzebuerg gefaange ginn. Et wär flott,

wann eng Kéier déi ökotechnesch Moossname géife realiséiert ginn, déi noutwendeg sinn,...

(Interruptions)

...fir datt och déi Espèce sech kéint an eise Gewässer heemesch fillen.

M. Jos Scheuer (LSAP).- Wéi ass dann d'Positioun vum Energieminister? Mir sollte profitéiere vun der Presenz vum Här Wirtschafts- an Energieminister, fir hien ze froen, wéi seng Positioun ass vis-à-vis vun der Renaturéierung vun der Rousperter Schleef.

M. Gusty Graas (DP), rapporteur.- Wann Der mer awer géift erlaben, fir d'éischt hei fäerdeg ze maachen,...

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Wëllt Der Äre Minister schützen? E kann dach awer äntweren, en ass jo grouss an al genuch!

M. Jos Scheuer (LSAP).- Gidd Der him Zäit fir ze iwwerleeën, Här Graas?

M. Gusty Graas (DP), rapporteur.- De Minister ass grouss an al genuch, fir dorop ze äntweren, mä ech mengen, mir sollte fir d'éischt heimat ofschléissen,...

(Interruptions)

...an da kann een déi Fro herno nach eng Kéier abordéieren.

M. Aly Jaerling (ADR).- Haalt op iwwer Fësch ze schwätzen! Gesitt Der net, wéi Der de Minister nervt!

M. Gusty Graas (DP), rapporteur.- Ech wëll zum Schluss awer och nach op den Avis vum Conseil d'Etat agoen, dee gesot huet, mir sollen den Intitulé vun deem Gesetz hei änneren, an deem Sënn, datt e méi kuerz gehale gëtt. Mir sinn och der Meenung, datt dat richteg ass, well den Artikel 19 vun där Konvention gesäit souwisou vir, datt eben déi eenzel Konventionen, déi ech virdru schonn opgezielt hunn, abrogéiert ginn, soudatt dat am Intitulé net onbedéngt nach eng Kéier muss enthale sinn.

Ofschléissend si mer der Meenung, als Kommissioun, datt dat hei awer e wichtegt Gesetz fir Lëtzebuerg ass. Et gëtt eis d'Méiglechkeet, am Gewässerschutz nei Akzenter ze setzen, an ech wier frou, wann d'Chamber dee Projet hei géif stëmmen.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Nico Loes agedroen. Här Loes, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Nico Loes (CSV).- Merci, Här President!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt dem Rapporteur merci soe fir säin ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport. Et gesäit

een, datt hien net nëmmen enk mat der Natur, mä och besonnesch mam Waasser verbonnen ass. A sengem Rapport huet hien eng interessant Opstellung gemaach vun deene verschidde Konventionen, déi an deene leschte Jorzéngten zum Schutz vum Rhäin ausgeschafft an applizéiert goufen.

Iwwert déi allgemeng Objektivitéit vun där Konvention, déi den 12. Abrëll 1999 zu Bern ënnerschriww gouf a mir mat deem Gesetz wëllen approvouéieren, huet de Rapporteur ausféierlech geschwat. Ech brauch also net dorop zrëckzekommen.

Dofir wëll ech just eng ganz kuerz Interventioun maachen a mech dora méi spezifesch op ee Punkt beschränken, deen dach nach eng gewëss Achillesferse fir eis hei zu Lëtzebuerg duerstellt: Datt ass de Problem vun de Kläranlagen, an den Här Rapporteur huet dat och scho virdru ugeschwat. Den Här Strotz wäert duerno nach eng Kéier Stellung dozou huelen, wat d'Situatioun vun de Kläranlagen op der Musel ubelaangt.

Lëtzebuerg gehéiert mat ronn 97% vu sengem Territoire zum Bassin vun der Musel an domat och zum Einzugsgebeit vum Rhäin. Och wann d'Populatioun vu Lëtzebuerg nëmmen 1% vun der Bevëlkerung vum Bassin hydrographique vum Rhäin duerstellt, esou si mir dach, genau wéi déi Länner, duerch déi de Rhäin fléisst, mat verantwortlech, wann och an engem méi klengen Mooss, fir d'Waasserqualitéit an d'Propretéit vun Rhäin, an doriwwer eraus och fir d'Waasserqualitéit vun der Nordsee, an déi de Rhäin jo fléisst. Sécherlech ass et mol gutt, wann dës Responsabilitéit eng Kéier mam Numm genannt gëtt.

Nieft der Participatioun vu Lëtzebuerg um Projet «Saumon 2000» ass also besonnesch eis Responsabilitéit beim Bau vun deenen noutwendege Kläranlage laanscht eis Flëss vu grousser Wichtigkeet.

Hei sinn an deene leschte Joren och scho verschidde Projeten an d'Weeër geleet ginn, fir eng besser Waasserqualitéit vun eise Flëss ze garantéieren. Ech wëll hei just op dräi Projeten agoen, déi mir am Joer 1999 an der Chamber gestëmmt hunn: d'Vergréisserung an d'Modernisatioun vun der biologescher Kläranlag vun Iechternach/Weilerbach; d'Kläranlag am Atertdall an d'Kläranlag vun Esch/Schëffleng.

De Regierungsprogramm gesäit vir, datt d'Efforen um Plang vun de Kläranlage verstärkt ginn. De Wëlle fir ze handeln ass also do. Dofir musse mir dese Wëllen och an d'Praxis ëmsetzen.

Dobäi muss awer gesot ginn, datt d'Waasserwirtschaft och haut schonn am Mëttelpunkt vun der Ëmweltpolitik steet. Esou betreffen zum Beispill 53% vun den Ausgabe vum Fonds pour la protection de l'environnement d'Gestioun vum Waasser. Zënter der Schafung vun deem Fong stoungen d'Ausgabe fir d'Waasser, mat nëmmen e puer Ausnahmen, ëmmer un éischer Plaz.

Trotz den Efforen, fir eng besser Waasserqualitéit ze garantéieren, gëtt et verschidden negativ Punkten an dësem Bereich. Ech wëll do just een ervirhiewen. Zënter Joren ass et am Summer um Laf vun der Ënnersauer verbueden ze schwammen an aner waassersportlech Aktivitéiten auszeüben. Dësen Deel vun der Sauer ass also net propper.

Dobäi ass dësen Deel vum Land en touristeschen Unzéiungspunkt, wou eng grouss Konzentratioun u Camper, besonnesch laanscht d'Waasser, ze fannen ass. D'Touristen, déi viru Joren nach vill Aktivitéit souwuel a wéi och op der Sauer maache konnten, kënnen dat entweder net méi oder setze sech enger gesondheetlecher Gefor aus.

Dëst Beispill beweist, datt et mat der Propretéit vun eise Gewässer net zum Beschte gestallt ass. Eng offensiv Politik ass also noutwendeg. Am Rapport d'activités vum Ëmweltministère fir d'Joer 1999 gëtt um Niveau vum Plan national pour un développement durable och d'Gestion durable vum Waasser ugeschnitten. Hei kann ee liesen - an ech zitieren déi zwou Mesuren, déi mir zum heitegen Thema besonnesch wichteg erschéngen -:

- „améliorer de façon significative la qualité de toutes les eaux et restaurer les fonctions écologiques de l'ensemble des cours d'eau ainsi que de leurs zones alluviales d'ici 2010;

- raccorder d'ici 2010 100% de la population à une station d'épuration et atteindre un haut degré d'efficacité épuratoire en modernisant les installations existantes et en construisant les nouvelles installations selon la meilleure technologie d'épuration disponible.“

Een ambitiöse Programm ass also an d'A gefaasst ginn. Dobäi solle mir awer versichen, fir déi envisagéiert Ziler esou schnell wéi méiglech ze erreechen. 2010 ass nach laang. Ech géif mir wënschen, datt déi noutwendeg Kläranlagen elo schonn éischter géife funktionéieren.

Ech denken och hei besonnesch, nieft de Kläranlagen op der Musel, un de Bau vum Kollektur vun der Kläranlag op der Uewersauer an um Barrage, wou mir fir e groussen Deel vum Land d'Dränkwaasser bezéien. Ech sinn och frou, datt de Site vun der neier Kläranlag festgeluegt ginn ass, an ech géif hoffen, datt déi lescht Schwierigkeiten, Här Graas, déi mir do nach hunn, aus dem Wee geraumt ginn, fir datt mir esou séier wéi méiglech och mat dësem Projet géifen ukommen.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, déi Konventioun, déi mir haut approuvéiere sollen, limitéiert sech net nëmmen - an de Statsrot huet mat Recht drop higewisen - op de Kampf géint d'Verschmutzung vum Waasser. Dës Konventioun begräift och eng dauerhaft Gestéi vum Waasser, Préventivmoossnamen um Plang vum Héichwaasser a vun den Iwwerschwemmungen an eng nohalteg Entwécklung vum

gesamten Ökosystem Rhäin, zu deem natierlech och déi Flëss gehéieren, déi an de Rhäin fléissen.

Dofir ass dëst och eng ganz wichteg Konventioun - de Rapporteur huet dat och schonn ënnerstrach -, an dofir wäert eis Fraktioun och hiren Accord zu dësem Gesetzesprojet ginn.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Bodry ageschriwwen. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

M. Alex Bodry (LSAP).- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, normalerweis ginn esou Diskussiounen iwwer international Konventiounen ëmmer Ulass, fir iwwert d'Kläranlagen ze schwätzen. Ech wëll a menger Interventioun dat net zum Schwéierpunkt maachen, mä op d'Konventioun selwer zréckkommen, ëm déi et sech eigentlech hei dréit.

Vum Inhalt hier ass et eigentlech keng nei Konventioun, mä et ass zum groussen Deel eng Zesummefassung vun enger Rei vun Accoren, déi am Laf vun deene 50 leschte Joer am Beräich vun der Zesummenaarbecht tëscht deenen eenzelne State ronderëm de Rhäin getraff gi sinn.

Et muss ee soen, datt et sengerzäit, 1950, lass gaangen ass mat der Institutioun vun där internationaler Rhäinkommissioun. Déi Länner, déi do hannendru stoungen, hunn eigentlech d'Virreiderroll an Europa gespillt. Haut huet sech dat glécklecherweis fir Europa - an ech mengen och fir d'Verbesserung vum Schutz vun eise Gewässer - geännert. Haut ass déi europäesch Politik insgesamt eigentlech op deene Grondlagen opgebaut, déi no an no ronderëm de Rhäin vun den Anrainerstaaten an d'Weeër geluegt gi sinn.

Bezeechnend ass jo och, datt nieft Däitschland, Frankräich, Holland, der Schwäiz a Lëtzebuerg nach en anere Signataire bei där Konventioun do war. Dat war d'europäesch Kommissioun. Et gesäit een also, datt sech immens vill geännert huet iwwert déi lescht Jorzéngten, datt mir vun enger méi lockerer Kooperatioun tëscht deenen eenzelne Staaten, wou awer keen eng Parzell vu senger Souveränitéitsrechter ofgetrueden huet am Beräich vum Waasserschutz, no an no an e System kommen, wou ëmmer méi staark eng Kooperatioun op europäeschem Plang gemaach gëtt an och zum Deel d'Kompetenze sech op europäeschem Plang verlagert hunn.

Et ass jo och interessant ze gesinn, datt d'Ëmweltschutzpolitik an Europa eigentlech vum Waasserschutz ausgegangen ass. Dat war den éischten Domaine, wou sech iwwerhaupt eng transnational Ëmweltpolitik opgebaut huet; an de 60er a 70er Joren, an no an no mat deenen eenzelnen Ëmännerunge vun de Grondtrattée vum der Europäescher Unioun, huet sech dat och op déi aner Felder vun der Ëmweltpolitik ausgedehnt. Et ass also och e Stéck Geschicht vun der europäescher Ëmweltpolitik, wat mir hei diskutéieren.

Och wann ee ka mat där Konventioun d'accord sinn, muss een awer wëssen, datt déi Organer, déi do dra sinn, eigentlech keng Décisioungsgewalt hunn. Dat sinn eigentlech Organer - an och d'Kommissioun -, déi selwer keng Décisiounen huele kënnen. Mä d'Ausféierung mussen vun den nationale Staten iwwert hir eege Programmer, déi si sech ginn, duerchgefouert ginn, am Respekt natierlech vun den europäesche Reglementatiounen.

Och do sti mir awer elo wierklech virun engem neie Kapitel vun der nationaler an och vun der europäescher Waasserschutzpolitik. Dat ass déi Directive-cadre iwwert d'Waasser, déi viru kuerzem vum europäesche Ministerrot ugeholl ginn ass, wou mir an den nächste Méint mussen konkret iwwert d'Ëmsetzung op nationalem Plang vun der neier Direktiv ze schwätze kommen.

Et ass och an deem Zesammenhank, wou ech d'Regierung wollt froen, wéi si gedenkt, un déi Ëmsetzung vun där neier Directive-cadre am Waasserschutz erunzegoen. A wie soll de Ministère sinn, deen déi Ëmsetzung do mécht? Mir si jo nach wie vor hei an enger relativ cocasser Situatioun hei zu Lëtzebuerg.

Et deet mir leed, datt ech no 15 Méint nach ëmmer op déi do Punkten hiweise muss, well nach wie vor Klärungsbedarf besteet, wat d'Kompetenzen am Waasserberäich hei ugeet, och wann am nächste Budget erëm eng Etapp weider gemaach gëtt, wou den Ëmweltministère déi lescht Kreditter ewech geholl kritt, déi hien am Waasser huet, an déi integral op de Ministère de l'Intérieur iwwerdroe ginn.

Et fällt mir allerdéngs op, wa mir hei iwwert déi Konventioun schwätzen, datt hei net den Inneminister sëtzt, mä datt u sech de Verrieder vum Ëmweltministère bei den Debatten d'Regierung hei vertritt. Wëll dat heeschen, datt déi hei Froe vu Waasserschutzpolitik nach wie vor am Beräich vum Ëmweltminister bleiwen, oder ass et den Inneminister, deen den neie Chef gëtt vun deem neie Waasserwirtschaftsamt, wat jo muss herno dat Ganzt ëmsetzen, dee responsabel ass fir d'Ëmsetzung vun där Direktiv do?

Wie vertritt an Zukunft Lëtzebuerg op internationalem an op europäeschem Plang, wann et drëm geet, fir iwwert d'Waasserpolitik ze diskutieren, wou jo - an dat ass interessant - op internationalem Plang d'Waasser net méi a seng Bestanddeeler opgedeelt gëtt, dat heescht a rengen Waasserschutz an a Quantitéits- a Quantitéitsfroen vum Waasser? Alles dat sinn am Fong Aspekter, déi an enger integréierter Approche ugaange ginn. Dat ass nämlech och eng Grondausrichtung vun der neier europäescher Directive-cadre an deem do Beräich.

Wann den Inneminister deejéinegen ass, deen zoustänneg ass fir d'Waasserpolitik insgesamt hei zu Lëtzebuerg, ass et dann esou, datt hien och international déi Diskussiounen fir Lëtzebuerg féiert, oder ass

et do den Ëmweltministère, dee se weider féiert, wou en eigentlech keng Zoustännegkeeten an deem ganze Beräich méi huet?

Déi Fro ass och schonn an der leschter Ëmweltkommissioun gestallt ginn. Ech hunn de Rapport duerchgelies, an ech hu festgestallt, datt keng kloer Äntwert vun der Regierungssäit komm ass. Ech mengen, d'Chamber huet d'Recht ze verlaangen, fir och Kloecheit op deem do Punkt ze kréien, fir datt mir genee wëssen, wie fir wat zoustänneg ass a wie fir wat responsabel ass, well et geet jo och ëm d'Fro vun der politescher Responsabilitéit an deem hei Fall, an et ass net gutt, datt déi Ongewëssheet do nach iwwer laang Méint weider bestoe bleift. Do muss also Klärung kommen.

Ech wollt och d'Fro un d'Regierung stellen, wéi wäit si mat der Schafung vun deem Waasserwirtschaftsamt ass. Dat sollt eigentlech scho virun der Sommervakanz gekläert ginn. No mengen Informatiounen war intern an der Regierung eng Klärung do. D'Fro ass, wa kee Gesetzesprojet kënnt a kee Gesetz gestëmmt gëtt, fir dat Waasserwirtschaftsamt an d'Liewen ze ruffen, wéi e Waasserwirtschaftsamt an der Praxis elo schonn den éischte Januar - esou wéi et geplangt ass - funktionéiere kann, wann déi legal Basis net do ass, fir dat ze maachen? Och do stelle sech Froen vu Contradictionen zu bestehenden Texten. Och do ass d'Konfusioun ganz grouss.

An deem ganze Beräich ass net vill Kloecheit an deene leschte Méint komm. Dat geet also e bësse mat deem Gewurstelt weider, esou wéi et eigentlech lass gaangen ass, mat der onseeger Décisioun, déi bei de Regierungsverhandlungen geholl ginn ass, fir dee ganze Waasserberäich aus dem Ëmweltressort auszesidelen, wat nach wie vor eng falsch Décisioun war.

Dat sinn also déi Froen, déi mir eis bei der praktescher Ëmsetzung vun deem Ganze stellen. Bis elo war et och esou, datt e Verrieder vum Ëmweltministère de Verrieder vu Lëtzebuerg an där internationaler Kommissioun war. An Zukunft ass dat e Verrieder vum Inneministère. All déi Froen sinn op. Ech wär wierklech frou, wa mir op déi essentiell Froen, och vun der praktescher Ausféierung vun där Konventioun, kéinten eng Äntwert kréien. Soss wësse mir eigentlech net, iwwer wat mir hei ofstëmmen. Et ass also wichteg, datt déi Prezisiounen haut an der Debatt vun der Regierungssäit kommen.

Merci.

M. le Président.- Den nächsten Orateur ass den Här Calmes.

M. Emile Calmes (DP).- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ech wëll dem Här Graas féliciteiere fir dee gudde mëndlechen a schrëftlechen Rapport. Dee war esou gutt, datt eis weider näischt méi dozou ze soe bleift a mir eisen Accord zu deem Projet ginn.

Des voix.- Très bien!

M. le Président.- Den Här Mehlen huet d'Wuert.

M. Robert Mehlen (ADR).- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, fir der Mme Stein eng Freed ze maachen, wëll ech mech kuerz faassen. Mir sinn hei am Szenario vun der nohalterger Entwécklung, Här President, déi d'Regierung jo als Leitsaz vun hirer Politik deklaréiert huet.

Dozou gehéiert selbstverständlech de Schutz vum Waasser an all senge Formen, a virun allem de Schutz vun de Waasserleef. Do geet et - esou wéi dat schonn duergestallt ginn ass - sécherlech ëm de Bau vu Kläranlagen, well jo d'mënschlech Aktivitéit praktesch integral fir déi Verschmutzung a fir déi Pollutioun vun eise Waasserleef verantwortlech ass.

Dann ass do nach een aneren Aspekt. Dat ass dee vun der Landwirtschaft, vun de landwirtschaftlechen Aktivitéiten, wou jo och ëmmer geklot gëtt, datt den Dünger, deen ausgewäsch gëtt, an de Waasserleef zum Droe kënnt an doduerch dann och Verännerungen an der Flora an dann domat och an der Fauna ervirriift.

Et ass vun eiser Säit natierlech ze bedauern, datt esou ee räicht Land wéi Lëtzebuerg esou ee Retard am Bau vu Kläranlagen huet. Mir wëssen, datt et drop zrëckzuféieren ass, datt et eisem Land iwwer Joren ewech finanziell net gutt gaangen ass, datt du gebremst ginn ass, wat zwar keng gutt Politik war, muss ee soen, aus finanzpolitescher Ursaach.

Eng antizyklesch Politik geet drop hin, dass, wa Rezessioun ass, zum Beispill am Bausecteur, de Stat da verstärkt investéiert, an net, dass en higeet a seet, mir mussen och nach do op d'Brems trëppelen.

Dat huet mat sech bruecht, dass an enger Zäit, wou gutt Konjunktur ass, mer bal net nokomme mat bauen, well d'Firmaen net nokommen, well mer d'Projeten net duerchgezu kréien an d'Bauen doduerch och nach - a mir wëssen alleguer, dass dat eng Saach vun Angebot und Nachfrage ass - méi deier gëtt wéi an enger Zäit, wou net esou vill Bauaktivitéit ass.

Hei ass de Problem ugesprach gi vun enger spezieller Kläranlag do ënnen am Raum Gréiwemaacher-Waasserbëlleg. Ech wëll och mat bedauern, dass dat esou hänke bliwwen ass. Ech wollt dat usprieche am Zesummenhank mat der Kläranlagebaupolitik am allgemengen.

Et gëtt ëmmer gesot, an dat mécht och kee falsch, dass d'Gemengen haaptsächlech dofir responsabel sinn, an ech ka mir virstellen, dass d'Regierung sech op déi Manéier och wäert verteidegen, dass een der Regierung net onbedingt kann ee Reproche maachen, wann d'Gemenge keng Kläranlage bauen, Här Strotz! Et ass awer, a mengen Aen, esou, dass d'Regierung eng relativ grouss Verantwortung an deem Domän huet, dass se, menger Meenung no, sech d'Instru-

menter misst ginn, fir méi op déi Politik do kënnen anzewierken.

Fir mech konkret auszedrécken: Ech kommen aus enger relativ klenger Landgemeng mat ronn 1.200 Awunner, déi elo amgaangen ass, selwer mat grousssem Opwand eng Kläranlag ze bauen, wat ee grondsätzlech ka begreissen, wou ech awer ëmmer d'Meenung vertratt hunn - an ech hu mech bis haut nach net dervun iwwerzeegt gelooss, dass déi Meenung falsch wär -, dass een déi Gemeng, déi och am Einzugsberäich vun der Musel läit a just duerch de Syrbecken do ënnen zu Mäertert-Waasserbëlleg erauskënnt, onbedingt hätt sollen un déi grouss Kläranlag uschleissen, well et, a mengen Aen, méi sënnavoll ass, weëneger Kläranlagen ze bauen, dofir méi grouss a gutt Kläranlagen, déi och gutt géréiert ginn. Mir wëssen, dass dat bei klengen Anlagen a bei klenger Gemengen, déi net ëmmer déi finanziell an déi personell Moyenen hunn, net ëmmer garantéiert ass.

Ech fannen, de Stat soll sech méi aktiv ëm d'Realisatioun vun deene Projekte bekëmmern, an och ëm d'Koordinatioun. Vu dass de Stat leschten Enns normalerweis bis zu 90% finanziell bäisteiert, huet en och do, ouni dass mer un d'Gesetzer eppes ännere ginn, eng relativ staark Handhab.

Esou wäit, wat dee Volet ubelaangt. Dat anert ass dee vun der Landwirtschaft. Do si grouss Effort gemaach ginn. Déi kann een nach verbesseren. Ech hoffen, dass dat an Zukunft geschitt, doduerch dass systematesch Buedemprouwe geholl ginn an absolut nëmmen no Bedarf gedüngt gëtt. Dat geschitt zum gréissten Deel. Et gëtt nach verbessert duerch neiaarteg Systemer, déi souguer satellitgesteiert sinn, wou extrem genau ka verfuer ginn. Dat ass ze begreissen, engersäits well d'Waasser dervu profitéiert, op där anerer Säit well och net méi gedüngt an deementspreechend net méi Geld gebraucht gëtt, wéi et noutwendeg ass.

Et ass och nach eng aner Entwécklung, déi kemescherweis hei mat eraspillt. Dat ass déi, dass an der Landwirtschaft ëmmer méi Biogasanlage gebaut ginn. Dat wäert den Energieminister sécher freeën, well mat deene Biogasanlagen Energie hiergestallt gëtt, mä et huet als Effet secondaire, dass d'Offallprodukt, déi Gülle, déi herno erausgefouert gëtt, och de Buedem an domat d'Waasser herno belaascht, well dee Stickstoff, deen do dran ass, net esou liicht ausgewäsch gëtt, wéi dat bis elo de Fall war. Insgesamt, mengen ech, wäre mer um gudde Wee.

Här President, ech wollt zum Schluss nach e bëssen ironesch soen: Lëtzebuerg, hu mer héieren, gehéiert zu 97-98%, Här Rapporteur, zum Einzugsberäich vum Rhäin. Wa mer d'Bundesrepublik Däitschland kucken, mengen ech, wäeren dat nëmmen esou ëm déi 35%. Do kënnt een de falsche Schluss draus zéien, dass mir méi e groussen Afloss drop hätten, fir de Rhäin ze sanéieren, wéi d'Bundesrepublik Däitschland. Ech

mengen, dat wär awer net de Fall, an trotzdeem wäre mer mat deem relativ geréngen Afloss, dee mer hunn, an der Verantwortung, fir dat Mënscheméiglechst ze maachen. Dofir wäerte mir dësem Projet eis Zoustëmmung ginn.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Den Här Gira huet d'Wuert.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no engem excellente Rapport vum Rapporteur, no ausféierlechen Ausféierungen a wichtige Froe vun engem fréieren Ëmweltminister kann ech mech ganz kuerz faassen.

Zum Fong vum Projet, dee mer selbstverständlech wäerte stëmmen, wëll ech soen, dass een eng integréiert Protectioun vum Waasser awer net soll reduzéieren op d'Kläranlageproblematik. Mir gi geschwënn all Dag drun erënnert: Vlächcht wäert an Zukunft eng Problematik eis méi Problemer am Beräich vun enger integréierter Gestiou vum Waasser maache wéi u sech déi chemesch Zesummesetzung, dat sinn d'Iwwerschwemmungen.

Mir hu geschwë keng Joreszäit méi an Europa, wou net aus iergendwellechen Ursaachen esou Phänomener optrieden. Mir stelle fest, dass net onbedingt méi Nidderschlei erfokommen, mä dass d'Perioden, wou dat gesammelt eroffällt, vill méi kuerz sinn, sief dat, dass mer am Summer wierklech Evenementer wéi Wiederer hunn, déi an där Heftegkeet mir virun enger Rei Joren nach net kannt hunn, sief et, dass mer och am Wanter heiansdo an enger kuerzer Period esou vill Quantitéit vu Waasser erfokréien, wou mer soss gewinnt waren, déi an engem ganze Joer ze kréien, esou dass ee beim Erugoen un d'Problematik Waasser vill méi un d'Iwwerschwemmungsproblematik muss denke wéi vlächcht an der Vergaangenheet.

Eng wichteg Bemierkung, déi ech wollt maachen, wou ech awer elo just dat brauch ze widderhuelen, wat den Här Bodry hei gesot huet: Jo, ech war dat, deen an der leschter Ëmweltkommissioun e bësse meng Verwonnerung ausgedréckt hunn, dass mer dee Projet iwwerhaupt an der Ëmweltkommissioun traitéiert hunn, well wann een de Règlement grand-ducal iwwert d'Compositioun vun der Regierung kuckt, steet relativ kloer dran, wie kompetent ass fir d'Waasser am Land. Mir kruten deemools wierklech eng relativ verschwommen - wann ech dat an deem Kontext därer soen - Äntwert vum Här Statssekretär. Ech hoffen, dass en haut e bësse méi konkret ka ginn.

Och ech hu mech gefrot, wéi dat soll ausgesinn, ob an Zukunft dann elo den Ëmweltminister- oder -sekretär op déi international Konferenze geet, sief dat an der EU, sief dat bei Geleeënheete fir d'Protectioun vum Rhäin, an da kënnt en heem, an da gi seng Beamten hin a soen de Leit am Inneministère, wéi se dann déi Konventiounen oder déi Direktive sollen ëmsetzen. Ech fannen dat problematesch.

Op där anerer Säit wäert den Inneminister, wann hie wäert goen, sech do awer relativ eleng virkommen, well ech wéisst net, dass an iergendengem aneren europäesche Land en Inneminister zoustänneg wier fir d'Waasser.

Och dat beweist erëm, dass déi Iddi vun dëser Regierung, fir dat Waasserwirtschaftsamt am Inneministère ulafen ze loossen, einfach net duerchduecht ass. Dat war alt erëm esou e politesche Kouhandel, wéi mer an der leschter Zäit der nach e puer erlieft hunn. Et ass do net d'Problematik am Detail gekuckt ginn, mä do ass e bësse gekuckt ginn no dem Equilibrage an der Regierung, wie wéi eng Zoustännegkeeten hätt, an do ass gemengt ginn, et wier awer e bësse staark, wann elo och nach d'Waasser géif déi aner Säit bleiwen, an et ass bei den Intérieur getässelt ginn. Nach wier et net ze spët.

(Interruption)

Wéi hat eng Zeitung getitelt: „Tausche Staatslaboratorium gegen Rehabilitationszentrum.“ Hei war et da vlächcht: „Tausche Fonction publique gegen Wasserwirtschaftsamt“. Ech weess net, wéi do un den Teppacher lénks a riets gezu ginn ass. Jiddefalls ass e Kouhandel derbäi erauskomm, dee fir d'Saach wierklech net glécklech ass. Nach wier et Zäit. Déi Viraarbechte sinn anscheinend amgaangen, wéi een et esou an de Kulissen héiert, an zwar solle Beamte gefrot gi sinn, ob se wéilten an dat Waasserwirtschaftsamt schaffe goen.

Mir sinn eis alleguer eens, dass d'Kreatioun vun deem Amt eng gutt Saach ass. Nach wier et Zäit, dee Règlement grand-ducal ze änneren an et bei dem Ëmweltministère ze loossen. Mir géifen dat wierklech nach ëmmer begreissen. Jiddefalls bleift dat eng Fro, déi am Raum steet. Och mir wiere selbstverständlech frou, wa mer am Kader vun dëser Konventioun eng Äntwert dorop kiten.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Den Här Bisdorff huet d'Wuert.

M. Aloyse Bisdorff (déli Lénk).- Här President, ech wëll nëmmen zu engem Zil vun dëser Konventioun Stellung huelen, an zwar, dass och versicht soll ginn, fir de Kampf géint d'Héichwaasser ze verbesseren.

Trotz deene Baumoosnamen, déi iwwerall geschitt sinn oder vlächcht souguer weinst deenen, de Stauwierker an esou weider, stellt ee fest, dass d'Héichwaassergefor, souwuel op der Musel wéi natierlech och um Rhäin, net ofgeholl, mä an deene leschte Jore souguer zougeholl huet.

Verschidde grouss Stied, wéi zum Beispill Köln, mussen sech amauere mat démontable Maueren, fir ze verhënneren, dass d'Héichwaasser an d'Alstad erakënnt. Dat ass och de Fall bei enger Rei vun aneren Uertschaften.

D'Ursaach dofir ass net nëmmen eleng d'Flächeversigelung, mä och déi Tendenz, fir d'Reewaasser méiglechst schnell oflafen ze loossen, an da sinn déi, déi ënnen drënner sinn, domat geplot. Déi en amont sinn, ginn d'Waasser relativ schnell lass, an déi aner, wou et dann zesummefléisst, sinn dermat geplot.

Esou mengen ech, dass och mir d'Verpflichtung hätten, fir zwou wichteg Saachen an deem Zesummenhank ze maachen: Fir d'éischt ze kämpfe géint d'Flächeversigelung, fir dass déi Menge vu Reewaasser net esou intensiv a schnell ufalen, an et kéint och eng Aktivitéit um Gebitt vun der Reewaasserréckgewënnung gemaach ginn, an dat net nëmmen um Plang vun de Gemengen, mä och um Plang vu jidder eenzelnen Haus oder Haushalt.

Mir mussen eis drop gefaasst halen, dass an deenen nächste Joren, mat där Erwärmung vum Klima, d'Nidderschléi, a besonnesch och d'Nidderschléi an eise Géigenden, de Wanter wäerten zouhuelen, och d'Intensitéit vun deenen Nidderschléi, esou dass ganz kuerzzäiteg Iwwerschwemmunge kënnen opkommen, déi zwee oder dräi Deg duerno erëm offlauen, déi awer ganz intensiv a ganz heftig sinn.

Ech mengen, eist Land hätt och am Kader vun dëser Konventioun eng Verpflichtung, fir an déi Richtung ze wirken.

Nach e Wuert iwwert dee Projet vun dem Saumon 2000. Dee Projet existéiert scho säit 1993. E Käschtepunkt vu 40 Milliounen gëtt uginn, fir d'Sauer an der Schläif vu Rouspert esou ze änneren, dass de Lachs erëm flossopwäerts sech ka bewegen. Elo huet awer den Energieminister gesot, dass Rouspert géif privatiséiert ginn. Huet dat iergendwéi en Afloss op déi Aarbechten? Wie sollt urspringlech déi Aarbechte finanzéieren? Ass et dee Privaten, dee sech där Saach natierlech do erëm entzitt? Oder muss et an deem Fall de Stat sinn? Gëtt duerch déi Moosnam do net och nach vläicht dëse Projet zousätzlech verzögert?

Dat sinn déi Bemierkungen, déi ech heizou wollt maachen. Ech bréngen awer selbstverständlech meng Zoustëmmung zu dëser Konventioun.

M. le Président.- Den Här Statssekretär Berger huet d'Wuert.

M. Eugène Berger, Secrétaire d'Etat à l'Environnement.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt mech de Virriedner uschléissen an dem Rapporteur merci soe fir säin ausféierleche Rapport. Et gesäit een, dass hien e groussen Expär an alle Froen vum Waasser ass. Ech wëll dofir och net méi op d'Wichtegkeet vu proppere Waasserleef agoen - hien huet dat excellent gemaach -, respektiv op all déi Detailer vun deem Projet, vum Historique iwwert déi verschidden Eckdaten, déi hei wichteg sinn.

Et ass kloer, dass ee sech bei dësem Projet ka froen, inwiefern Lëtzebuerg betraff ass, well et jo hei

ëm de Rhäin geet. Et ass scho virdrun erwähnt ginn, dass Lëtzebuerg am Fong am Aflossgebitt vum Rhäin ass. 97% vun eise Gewässer fléissen dohinner. Mir hunn also eng gewëss Responsabilitéit, fir do matzemaachen.

Ech wëlt net méi op déi allgemeng Diskussioun vum Projet agoen. Ech wëlt villméi op déi Froen, déi vu verschiddene Riedner opgeworf gi sinn, agoen.

Een éischte Punkt, deen opgeworf ginn ass, war dee vun de Kläranlagen. Et ass e puermol ervirgehuewe ginn, dass et noutwendeg ass, dass nach eng Rei Kläranlage gebaut ginn, insbesonnesch an der Géigend vun der Musel, respektiv dass verschidde bestehend Kläranlage solle verbessert ginn. Do kann ech nëmmen dat widderhuelen, wat ech praktesch virun engem Joer, wéi mer iwwert d'Modernisatioun vun der Kläranlag vu Schëffleng geschwat hunn, gesot hunn.

D'Regierung huet en ambitiöse Programm, fir déi Kläranlage weider opzerüsten, respektiv neier ze bauen, an dee Programm steet weiderhin a wäert och an deenen nächste Joren ausgefouert ginn. Do sti jo och eng ganz Rei Suen zur Verfügung.

Den Här Loes huet erwähnt, dass 53% vun den Ausgaben aus dem Fonds pour la Protection de l'Environnement an d'Waasser géife goen. Do muss ech en zwar berichtege. Mëttlerweil ass et jo esou, datt mer dee Fong opgespléckt hunn. Dat heescht, mir hunn op där enger Säit de Fonds pour la Protection de l'Environnement, wou mer näischt méi am Waasser bezuelen. Mir kënnen also net nach 53% aus deem Fong huele fir Waassersaachen, mä et ass en neie Fonds pour la Gestion de l'Eau kreéiert ginn, iwwert deen elo all déi Ausgaben 100%eg getäteg ginn.

Et ass och e puermol dee Projet vum Saumon erwähnt ginn, wou ënner anerem drop higewise ginn ass, datt sollen an der Géigend vu Rouspert verschidde Stufen ofgebaut ginn, respektiv eng bestoe bleiwen, wou och dann eng Fëschleeder soll gebaut ginn. Dee Projet ass schonn eng länger Zäit an der Schwief. Ech hu mech renseignéiert: En ass mëttlerweil wäit fortgeschratt. Et ass esou, datt de Kommodo an der Prozedur ass. Do feelen nach just eng oder zwou Informatiounen vun der Verwaltung vun de Ponts et Chaussées, déi nach mussen eragi ginn, fir dass de Projet kann definitiv realiséiert ginn.

Et muss een natierlech och wëssen, wann een iwwert déi Saache schwätzt, dass, wann op eise Flëss, zum Beispill der Musel oder der Sauer, esou Wierer ofgebaut ginn, fir dass d'Migratioun besser ka geschéien, mer natierlech och mussen wëssen, dass se mussen kënnen vum Nordmier erop migréieren. Et geet also net duer, datt mir hannen um Wupp eng Rei Saachen ënnerhuelen an da méi déif op der Musel, an Däitschland um Rhäin, déi Méiglechkeeten net bestinn, well dann hu mer am Fong net vill realiséiert, ausser

dass se da vläicht kënnen e puer Kilometer erofschwammen, mä herno awer net méi kënnen zréck migréieren.

M. Jos Scheuer (LSAP).- Här Statssekretär, ech wollt Iech eng Fro stellen.

(Assentiment)

Zu Rouspert ass d'Renaturéierung vun deem doudegen Aarm jo eng Saach, déi och gekoppelt ass mat Energiegewënnung, mat der Elektrizitéit, déi do produzéiert gëtt. Ass geplangt, fir nach eng zousätzlech Turbin do anzeriichten oder net? Wann dat de Fall ass, erhéicht Der dann d'Kapassitéit vu Rouspert? Wann net, da gleewen ech un de Projet „Saumon“. Mä wa se agebaut gëtt, da gesinn ech schwaarz dofir.

M. Eugène Berger, Secrétaire d'Etat à l'Environnement.- Här President, esou oder esou kann een déi zwou Saache matenee kombinéieren. Op där enger Säit kann een, ob een oder zwee Wierer, weiderhin Elektrizitéit produzéieren. Dat ass jo och en Aspekt, deen eis aus dem Bléckwénkel vum Environnement net onwichtig ass, fir kënnen eben Energie op alternativ Aart a Weis ze produzéieren an dann doniewent déi Fëschleeder ze hunn, fir dass nach kann d'Migratioun vun de Fësch stattfannen an een hei kann déi zwee Aspekter ganz flott matenee verbannen.

Da wëll ech zum Schluss nach eng Kéier op déi Fro agoen, déi virun engem Joer schonn eng Kéier gestallt ginn ass vum honorablen Här Bodry.

M. Alex Bodry (LSAP).- D'Äntwert op eng Fro e Joer duerno!

M. Eugène Berger, Secrétaire d'Etat à l'Environnement.- Mir sinn der Äntwert scho ganz no, mä waart emol, bis ech verschidden Erklärungen ginn hunn.

Et ass gefrot ginn, firwat nach den Environnement dësse Projet an der Kommissioun hat. Effektiv hu mer an der Regierungserklärung stoen, datt d'Kompetenzen am Waasserberäich ganz kloer beim Intérieur sinn. Dozou sti mer nach alleguer.

Et ass einfach esou, dass dat eng gewësse Phase de transition benéidegt. „Gut Ding will Weil“.

M. Alex Bodry (LSAP).- „Recht Ding will Weil“!

M. Eugène Berger, Secrétaire d'Etat à l'Environnement.- Et muss ee sech Zäit huelen, fir déi Saachen unzegoen, fir dass een herno e ganz kloer Konzept huet, mat all deene Konditiounen, déi een do brauch. Et ass och esou, wat d'Zoustännegkeet op internationalem Niveau ubelaangt, datt, wat déi Direktive-cadre vum Waasser ubelaangt, déi an deenen nächste Joren och hei zu Lëtzebuerg muss ëmgesat ginn, wou een och kéint e bëssen driwwer diskutéieren, wéi déi am Zesammenhank mat dëser Konventioun steet, wou d'Zoustännegkeet awer och beim Intérieur läit. Dat huet de Ministerrot virun e puer Wochen aktéiert.

Dat heescht, mir hunn elo nach déi lafend Geschäfte op internationalem Niveau gemaach, mä déi ginn elo eriwwer an den Intérieur, esou dass den Intérieur dann och zoustänneg ass, fir déi Direktiv do ëmzesetzen, respektiv fir dann och an Zukunft all déi Dossieren op europäeschem Plang ze géréieren.

M. Alex Bodry (LSAP).- Ech wollt just eng kleng Fro dozou stellen, fir eng Prezisioun ze hunn, well ech ka mech erënneren, dass den Här Goerens hei an der Chamber an zumools an der zoustänneger Kommissioun virun engem Joer Aussoe gemaach huet, dass hie ganz fest der Meenung wier, dass de Waasserschutz misst eng Kompetenz vum Ministère de l'Environnement bleiwen.

Wann ech Iech richteg verstanen hunn, ass deem net esou, an de Waasserschutz geet ganz an den Intérieur eriwwer, well soss kéint jo net den Intérieur responsabel si fir d'Ëmsetzung vun där Directive-cadre iwwert d'Waasser.

M. Eugène Berger, Secrétaire d'Etat à l'Environnement.- Ech mengen, et gëtt nach ëmmer verschidden Aspekter vum Waasser, déi eppes mat Environnement ze dinn hunn, zum Beispill eng Rei Saache vu Labo, déi weider beim Environnement bleiwen, mä fir op déi Fro ze äntweren: Déi Directive-cadre vum Waasser gëtt vum Intérieur ëmgesat, an och all déi Diskussiounen, déi dann nach op europäeschem Plang gefouert ginn, ginn da vum Intérieur gehandelt, fir emol eng Kéier esou ze soen.

M. Alex Bodry (LSAP).- Dir hutt Iech net duerchgesat!

M. Eugène Berger, Secrétaire d'Etat à l'Environnement.- Dat ass keng Saach vum Duerchsetzen. Dat hei ass einfach en Accord, deen d'Regierung getraff huet bei der Regierungserklärung, deen ausgefouert gëtt.

M. Alex Bodry (LSAP).- Dir hat virun engem Joer nach eng aner Interpretatioun, wat deen Accord ugeet, Här Statssekretär.

M. Eugène Berger, Secrétaire d'Etat à l'Environnement.- Alles évoluéiert.

(Hilarité)

Une voix.- Ech sinn iwwerzeegt dovun, dass den Här Berger an deem nächste Joer nach méi wéi eng Kéier seng Meenung wäert änneren!

M. Eugène Berger, Secrétaire d'Etat à l'Environnement.- Ech sinn iwwerzeegt dovun, dass an engem Joer hei den Inneminister dann och zu all deenen Dossieren, déi d'Waasser betreffen, ka Stellung huelen.

Ech mengen, eppes ass jo awer ganz kloer. Mir wëllen alleguer heibannen e Waasserwirtschaftsamt. Dat ass schonn 1993 a verschiddene Motiounen vun der

Chamber festgehalte ginn. Et ass also de ganz kloere Wëllen, net nëmme vun enger Regierung, mä och vun der Majoritéit vun der Chamber gewiescht, dass mer e Waasserwirtschaftsamt wëllen. Dozou sti mer, a mir hunn och kloer definéiert, dass dat Waasserwirtschaftsamt wäert ënnert der Kompetenz vum Intérieur stoen. D'Regierung wäert dat dann och ausféieren, a konkret wäert och an den nächste Wochen den Inneminister de Regierungsrot mat enger Note befaassen, wou déi nächst Detailer wäerten diskutéiert ginn.

Ech sinn och iwwerzeugt, dass zum Schluss vum Joer, respektiv am Ufank vum nächste Joer den Inneminister der Chamber kann eng Rei nei Informatiounen dozou ginn.

Dat gesot, wëllt ech all de Riedner nach eng Kéier merci soe fir hir Interventioun, an och den Deputéierte merci soen, dass se dëse Projet stëmmen.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss. Mir kommen elo zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi a stëmmen driwwer of. Den Text steet am Document parlementaire 4669⁶, Säite 7.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Niki Bettendorf)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung vun dësem Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmmen mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par Mme Nelly Stein), Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Patrick Santer, Marco Schank (par M. Nico Loes), Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Norbert Hauptert), Lucien Weiler (par M. Lucien Clement) et Claude Wiseler (par M. Patrick Santer);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Paul Helminger), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, Ben Fayot, MM. Jean-Pierre Klein (par M. Jos Scheuer), Jeannot Krecké (par M. Jean Asselborn), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Mady

Delvaux-Stehres), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Alex Bodry) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);

M. Aloyse Bisdorff.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

Den Här President hat proposéiert, fir eventuell no dësem Projet opzehalen, mä vu datt et eréischt 10 op 6 ass, wollt ech Iech froen, wien zum nächste Projet de loi wëllt Stellung huelen. Vlächcht kréie mer dee Punkt nach duerch.

Bis elo sinn agedroen: déi Häre Loes, Fayot a Gira. Sinn nach aner Orateuren do?

(Interruptions)

Den Här Bisdorff.

Den Här Minister Grethen freet d'Wuert.

M. Henri Grethen, Ministre de l'Economie.- Här President, ech wollt Iech froen, ob de Projet iwwert d'Protection juridique du consommateur haut nach dru kënnt oder net. Et ass haut fir d'zweet, dass en um Ordre du jour steet. Et mécht mir och näischt aus, wann en eng drëtte Kéier drop steet. Mir kréie souwisou schonn um europäesche Geriichtshaff geschwënn eng Prozedur. Et ass un der Chamber ze soen, wéi si dat wëllt. Wann Der et géift verleeën, da weess ech net, ob ech déi nächste Kéier kann hei sinn. Mä dat ass jo och kee Problem. Mir kucken dann, wéi mer eens ginn.

(Interruptions)

M. le Président.- Ech mengen, vu dass den Här Minister hei ass, wier et vlächcht besser, wa mer dee Projet de loi elo géife virhuelen. Dat ass de Projet 4674 relatif à la protection juridique du consommateur. De Rapporteur, d'Mme Durdu, ass do?

(Interruptions)

M. Henri Grethen, Ministre de l'Economie.- Här President, ech hunn Zäit bis 10 Auer den Owend, wat dat ubelaangt!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Wéi wär et, wann Dir de Rapport géift maachen, Här Minister?

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här Grethen, mir zielen op Iech!

M. Henri Grethen, Ministre de l'Economie.- Dat ass léif vun Iech. Ech zielen och op Iech am Stroosse-verkéier.

(Hilarité et interruptions diverses)

M. le Président.- Mir kommen also elo zum Projet de loi 4674 portant modification de la loi modifiée du 25 août 1983 relative à la protection juridique du consommateur.

D'Mme Durdu ass Rapporteur an huet d'Wuert.

6. Projet de loi 4674 portant modification de la loi modifiée du 25 août 1983 relative à la protection juridique du consommateur

Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports

Mme Agny Durdu (DP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, entschëllegt, dass ech elo grad bis eraus war! Sidd awer berouegt, ech hunn iwwer Chambersproblematiche geschwat!

Bei dësem Projet de loi ass et am Fong geholl esou, dass mer en ähnleche Problem...

(Interruption)

Dat ass awer schéin, Här Di Bartolomeo, datt ech esou vill Vertraue bei Iech fannen.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- D'Mme Durdu war nom Här Wagner sichen!

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Mme Agny Durdu (DP), rapporteur.- Ech loosse mech schonn net aus der Rou bréngen!

Bei dësem Projet de loi geet et ëm folgend Problematik: D'Protection juridique vum Consommateur gëtt an eisem Land geregelt duerch d'Gesetz vum 25. August 1983, dat an der Tëschenzäit méi wéi eng Kéier ëmgeännert ginn ass, ënner anerem well och europäesch Direktive sech der Problematik ugeholl hunn. Déi lescht Modificatioun vun dësem Gesetz ass 1997 gemaach ginn op Base vun der Direktiv 93/13. D'Problematik war awer, dass d'Instanzen zu Bréissel der Meenung sinn, dass déi Ëmsetzung, déi mer do gemaach hunn als Législateur, net hiren Exigenzen entsprécht. Dofir ass dëse Projet de loi du vun de Regierungsinstanzen déposéiert ginn.

Nodeems datt d'Union luxembourgeoise des Consommateurs, d'Chambre du Travail, d'Chambre des Employés privés an d'Chambre des fonctionnaires et employés publics dësen Text aviséiert hunn, hu mer en an der Chamberkommissioun och ugeholl. Dee bestoenden Text gëtt op véier Punkten ëmgeännert.

Deen éischte war d'Terminologie, déi mir an eisem Gesetz gebrauchen. Mir hu bis elo par opposition zum

Consommateur vun engem Fournisseur geschwat. D'Kommissioun zu Bréissel pocht awer drop, dass d'Wuert „professionnel“ gebraucht gëtt. Mir hunn also dëser Demande Rechnung gedroe mat dësem Gesetzestext.

Déi zweet Problematik war: Wéi interpretéiert een en Text, wou e Consommateur dra verweckelt ass, wann en Zweifel besteet, wéi e soll interpretéiert ginn? Bis ewell hunn d'Lëtzebuerger Autoritéite gemengt, et misst duergoen, wéi et am Artikel 1162 vum Code civil steet: „Dans le doute la convention s'interprète contre celui qui a stipulé et en faveur de celui qui a contracté l'obligation“. D'Instanzen zu Bréissel waren awer der Meenung, et misst ee wierkelech obligatoresch virgesinn, dass, wann en Zweifel bei der Interpretatioun besteet, dat muss interpretéiert ginn am Intérêt vum Consommateur. Duerch déi Ëmännerungen, déi mer hei am Text virfannen, gëtt dann dëser Exigenz Rechnung gedroen.

Déi drëtt Problematik ass, wann déi normal Regele vum DIP, also vum Droit international privé, et mat sech bréngen, dass en net europäesch Consommateursrecht normalerweis misst applizéiert ginn tëscht de Parteien. Duerch de Gesetzestext, dee mer hei adoptéieren an ugeholl hunn op Urode vum Statsrot, ass et esou, dass am Fall, wou en auslännescht Gesetz sech normalerweis géif applizéieren, sech awer de Lëtzebuerger Text applizéiert, well en der europäescher Direktiv Rechnung dréit.

Déi véiert Problematik, déi vun der Kommissioun vu Bréissel opgeworf gouf, war déi, fir ze soen, datt een eng Action en cessation, déi am Viraus virgesinn ass - déi virgesinn ass, wann e Contrat-modèle, e Contrat-type existéiert, wou e Consommateur am Fong geholl net méi adhéréiere kann -, lancéiere kann, wann een der Meenung ass, datt do Dispositiounen dra sinn, déi eiser Législatioun net entspriechen.

Déi Diskussiounen, déi an der Kommissioun waren, waren, fir ze soen, wéi mir dëst Recht ginn, fir déi Action en cessation eran ze reechen. De Statsrot huet mat Recht ënnerstrach, datt mir dës Aktioun bei folgende Persounen accordéiere sollen: „Personnes ou organisations ayant un intérêt légitime à protéger les consommateurs.“

Dem Wonsch vum Conseil d'Etat hu mir als Kommissioun Rechnung gedroen, an ech mengen, ënnert dëser Bedingung kéinten och d'Instanzen zu Bréissel zefridde si mat deem Text, dee mir hinnen hei wäerte virleeën.

Ënnert dëse Bedingungen, Dir Dammen an Hären, géif ech Iech bieten, dësem Projet déi néideg Ënnerstëtzung ze ginn.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Ady Jung ageschriwwen.